



N° 7813
Entrée le 22.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.03.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Dem Busverkéier kënnt eng Schlësselroll beim öffentlechen Transport an eisem Land zou. Heibäi däerfe mir net nëmmen u Fuerpläng, u Bus-Couloiren an un d'Fuermaterial denken, mee virun allem un d'Chauffeuren:innen, déi eng grouss Verantwortung, vill Virsiicht a Gedold fir hier aldeeglech Aufgabe musse matbréngen.

Och si musse reegelméisseg Paus maachen. Heiansdo sinn déi Pausen éischter kuerz, mee si kënnen och emol méi wéi eng Stonn daueren. D'Bussen däerfen net egal wou stoe bleiwen an do, wou se kënne stoe bleiwen fir d'Paus, misst et ee Minimum un Infrastrukture ginn: getrennt Toiletten, eng Méiglechkeet, fir sech d'Hänn ze wäschen a sech ze sëtzen a vläicht am Idealfall och nach an engem raisonnablen Ëmkrees eng Plaz, wou een e Kaffi drénken oder eppes iesse kéint.

Leider si mir vun esou enger Situatioun zimmlech wäit ewech. Ee Beispill: zu Ettelbréck op der Gare ass de Quai 1 gespaart. Dat war bis viru kuerzem awer d'Pausplaz vun de Buschauffeuren:innen. Hei hate si d'Méiglechkeet, op d'Toilette ze goen an e Kaffi ze drénken oder esouguer eppes Klenges iessen ze goen. Elo mussen déi Pausen zu lerpeldeng gemaach ginn, laanscht der Eisebunn. Hei si keng Toiletten, hei ass kee Café, kee Bäcker, guer näischt. An dëst ass just ee Beispill. Dësse Problem stellt sech och op villen anere Plazen uechtert Land.

Grad de Mangel un öffentlechen Toiletten, déi einfach a séier fir d'Chauffeuren:innen z'erreeche sinn, stellt ee grouss Problem duer.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat ass et net méiglech, op de strategesch wichtege Plazen Toilettë fir d'Chauffeuren:innen opzestellen?
2. Kënnen d'Paus- a Raschtplazen net esou erausgesicht ginn, datt se e Minimum vu Komfort an Infrastruktur bidden?
3. Wann et Ausname gëtt, z. B. duerch e Chantier oder eng Naturkatastrophe, ass et dann net méiglech, op mannst e puer mobil Toiletten opzestellen?



www.piraten.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc
Deputéierten

